Sommedieue am Summer

Och dëst Joër haten mir an Summer éng Sortie op Sommedieue virgesin. Samschdes den 3.August 2013 haten sech éng selleschen Fëscher op den Weë gemeet fir bei guddem Summerwieder een Dag ënnert Kollegen ze verbréngen.

den Henk van Ommen

Leider huet eisen laangjähregen Member den Henk van Ommen eis matgedeelt dass et fir Hien déi leschten Sortie mat eisem Fëscherclub wär ewell Hien géif zeréck an Holland wunnen goën. Mir soën dem Henk Merci fir all déi schéin Stonnen déi mir zesummen mat Him konnten beim Fëschen verbréngen an wënschen Him fir séng Zoukonft alles Gudds an mir sin eis sécher dass Hien och an sénger neier Heemecht mat Sécherheet den Weë bei d'Waasser fannen wäert.

Mir wëllen awer mat ee puer Fotoën och dës Sortie festhalen ewell d'Ambiance wor ewei ëmmer ganz gudd an et haten sech och vill Memberen vum Flyfishing Club anfond fir dësen Dag zesummen ze erliewen.



Leider stung eis Sortie ënnert kéngem gudden Stär an et fällt mir schwéier, mée ech hun leider déi traureg Pflicht den Doud vun eisem Fëscherkomerod dem

Patrick Riehl

matzedeelen, Hien ass den Samschden 3.August 2013 noh eiser Sortie op Sommedieue um Weë fir op d´Aarbecht un éngem Herzinfarkt verscheed.

Ech wëll bei dëser Geleenheet sénger Fra an séngen zwee Meederchen mäin déifsten Matgefill ausspriechen an versécheren Hinnen dass mir den Patrick ëmmer an Erënnerung halen wäerten als deen, deen Hien wor, een éierlechen, guddmidegen Fëscherkomerod deen ëmmer do wor wann een Hien gebraucht huet.